ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

> No Pressmeldungen hätt den Iran domat ugefaangen, Uran op 20% unzeräicheren. Dëst wär esou vun der iranescher Regierung selwer ugekënnegt a vun der AIEA confirméiert ginn.
>
> An dem Zesummenhank wollt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung déi Meldunge confirméieren, datt den Iran Uran esou héich uräichert, datt e kann zu enger Atomwaffeproduktioun benotzt ginn?
2. Wa jo, wéi wëll d'Regierung dorop reagéieren, esou wuel am Kontext vun de bilaterale lëtzebuergesch-iranesche Relatiounen, wéi am Kontext vun der Europäescher Unioun an aneren internationale Foren?
3. Gesäit d'Regierung de Risiko vun engem Opräschtung am Noen a Mëttleren Osten a vun enger weiderer Proliferatioun vun nukleare Waffen?
4. Gesäit d'Regierung de Notze vun enger verstäerkter Rakéitenofwier fir den europäesche Kontinent? Wa jo, wëll si sech aktiv dofir asetzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten